# HOW TO..

## fannen ech eng Wunneng?

Du bass ob denger Uni ugeholl ginn, bereets dech mental dorop fir endlech kënnen an däin Unisliewen ze starten, MEE et stellt sech eraus dat deng Wunnengssich net ob ee gréngen Zweig kennt oder du weess net richteg wéi, wou oder wat?

**Hei puer Punkten déi dir dobäi sollen hëllefen däin neit Doheem ze fannen.**

1. Maach dir Gedanken, wéi héich däi Budget ass.

Et ass immens wichteg sech am kloren ze sinn, wéi vill een am Mount fir seng Wunneng duerf investéieren. Schwätz am Beschten mat dengen Elteren, denger Mamm, dengem Papp oder dengen Erzéiungsberechtegten fir eng Iddi ze kréien, wéi wäit si dech ënnerstëtzen. Denk awer och drun dass de dir staatlech Hëllef beim Cedies (https://cedies.public.lu/fr.html)duerfs ufroen. Um Site fënns de een Simulator deen dir eng ongeféier Iwwersiicht bitt, wéi vill dass de wahrscheinlech kriss: https://cedies.public.lu/fr/obtenir-aide-financiere.html

Notz dësen, et ass ëmmer gutt ze wëssen wou een finanziell steet.(:

2. Kuck no a wéinegem Deel vu Bonn däin Unisgebai ass.

Et ginn 7 verschidden Fakultéiten;

- Katholisch-Theologische Fakultät
- Evangelisch-Theologische Fakultät
- Rechts- und Staatswissenschaftliche Fakultät
- Medizinische Fakultät
- Philosophische Fakultät
- Mathematisch-Naturwissenschaftliche Fakultät
- Landwirtschaftliche Fakultät

Déi sinn awer net alleguerten an dem selwechten Gebai. Et ginn 4 verschidden Campus'er ( Poppelsdorf, Endenich, Bonn-Castell an City) an een Universitéitsklinik.

Lo hues du eng ongeféier Iddi wou dass du no Wunnengen kanns sichen, wann et dir wichteg ass net wäit ewech vum Campus ze wunnen.

## 3. Et gëtt eng rei Wunnengssäiten déi s de besichen kanns. Hei eng Opléschtung

https://www.immowelt.de
https://www.immobilienscout24.de
https://www.wohnungsmarkt24.de
https://www.immonet.de/wohnung-suchen.html
https://www.wohnung-jetzt.de
https://www.meinestadt.de/bonn/immobilien/wohnungen
https://www.kalaydo.de/immobilien/mietwohnungen/o/bonn/zentrum/
https://www.ebay-kleinanzeigen.de/s-wohnung-mieten/bonn/c203l1038

oder wann et eng WG soll sin:

https://www.studenten-wg.de/Bonn,wohnung.html

WICHTEG!

Schreif **ALL** d'Leit un déi **WUNNENGEN** ubidden**,** déi dir gefalen an, déi an däi **Budget passen**. Wann eng Telefonsnummer dobäi steet, RUFF **selwer un**. Déi meescht gesinn et gäer wann een den direkte Kontakt sicht.

Et ginn och Studentenwohnheime an Studentewunnengen/Appartementer zu Bonn. Hei sinn d'Platzen limitéiert, mee et lount sech ëmmer mol erëm säi Gléck ze versichen;

https://www.42-bonn.de
https://www.staytoo.de/studentenapartments-bonn/
https://www.studentshome.de
http://www.studentenwerk-bonn.de/wohnen/wohnanlagen/hermann-wandersleb-ring-6/
http://www.house4students.de
http://studentenwohnheim-bonn.de

An wann guernäicht méi geet, kanns de och eng Makleragentur em Rot froen.

## 4. De Lëtzebuerger Staat huet och verschidde Wunnengen zu Bonn

Dës Wunnengen ginn u Studenten verlount.

https://cedies.public.lu/fr/etudier-etranger/allemagne/vie-etudiante/logement.html

**Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche**

Tel.: (+352) 247 851 35

Antragstermin: ab 15. Mai
Einsendefrist: 1. Juli

Unruffen an nofroen.(:

5. Hues de een Besichtegungstermin? Perfekt! (:

Endlech huet deng Sich sech gelount an du hues een Besichtegungstermin kritt. Lo gëllt et sech awer net dorop aus ze rouen. Sammel souvill Rendezvous'en wéi et geet, dann ass d'Enttäuschung och net sou grouss, wann et mat enger net klappt.

Hei eng Lëscht mat Dokumenter déi s de ob all RV mat kanns huelen, fir deng Chancen ze maximéieren.

- **Mieterselbstauskunft** (Hei fënns de ganz vill Virlagen um Internet)
- **Bürgschaftserklärungen** vun dengen Elteren ënnerschriwwen (Virlag am Internet)
- **Kopien vun Payziedelen** vun deene leschten 3 Méint (vun béiden Elteren, wann méiglech) an all anere Noweis, dass een stabilt Akommes an der Famill ass
- **Kopien** vun denger an dengen Elteren hirer **Cartes d'identité**

Wann s de dech mat graphescher Gestaltung äuskenns oder ee kenns deen dir do hëllefen kéint, maach een Steckbréif mat dengem Numm, deem wat dat s du studéiers, dengen Hobbyen etc. Wat méi faarweg wat besser.

Pak all dës Dokumenter PROPPER an eng Facht, an huel et mat.

De Makler, Hausmann oder eng Privatpersoun, soll dech net vergiessen. Du muss dech an hiert Gedächnis abrennen. (;

Dat wichtegst ass sech gutt ze verkafen, de Recht ass Geschicht.

Hoffentlech hues de heimat eng gutt Stäip déi dech weiderbréngt an dir bei denger Wunnengssich effektif hëlleft.

Mir drécken dir d'Dommen.

Bescht Gréiss,

**Comité vun der Alesontia**